LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

# Discours de Pierre Gramegna à l'occasion de la présentation du budget 2017

**Budgetsried – Budget 2017**

**Pierre Gramegna, 12.10.2016**

*Seul le discours prononcé fait foi*

Här President,

Dir Dammen an dir Hären,

Léif Kollegen,

Wann ech de Budget 2017 misst an 3 Wieder faassen, da géif ech soen : **Qualitéit, Solidaritéit, Kompetitivitéit.**

Et ass ee Budget vun der Qualitéit, well en den Accent op Qualitative Wuesstem leet. Et ass ee Budget vun der Solidaritéit, well en den Zesummenhalt an der Gesellschaft weider stäerkt; an et ass et Budget vun der Kompetitivitéit, well en eist Land an eis Wirtschaft op d'Erausfuederungen vun der Zukunft virbereet.

*Ech wäert meng Presentatioun de Moien an 4 Deeler ze maachen :*

*I – Fir d'éischt wëll ech de politeschen an ekonomesche Kader setzen, an deen de Budget 2017 sech aschreift.*

*II – D'Schwéierpunkter vum Budget*

*III – D'Analyse vun den Zuelen*

*IV – E puer Wuert iwwer d'Steierreform, an hieren Afloss op de Budget vun den nächste Joren*

## I. De politeschen an ekonomesche Kader

Den Dépôt vum Budget ass traditionell ee vun den Héichpunkter am Chambersjoer. An awer ass et nëmmen eng Etapp an engem Prozess, deen sech iwwer dat ganzt Joer streckt.

Ech stellen iech haut de Budget fir d'Joer 2017 vir, an déposéieren och déi pluriannuel Plangung fir d'Joren 2018, 2019 an 2020. Des Plangung iwwert e puer Joer baséiert op den Diskussiounen déi mer am Abrëll hei an der Chamber haten, wéi mer de PSC – de Programme de Stabilité et de Croissance zesummen analyséiert hunn. Et ass do wou d'Jaloen gesat goufen fir déi grouss Orientatioun vun der Budgetspolitik iwwer

déi nächst puer Joer. D'Diskussioun war also am Abrëll, mä den Text gëtt, fir kohärent ze sinn, elo, zesumme mam Budget vum Joer 2017 déposéiert.

D'Zuelen vun haut sinn liicht besser wéi déi vum Abrëll a confirméieren déi positiv Entwécklung vun de leschten 3 Joer.

Wéi ech als Finanzminister ugetruede sinn, war d'Situatioun vun de Staatsfinanzen alles anescht wéi gutt. De Comité des Prévisions hat ausgerechent, dass wann des Regierung kéng Mesure géif huelen, d'Staatsschold schon 2016, also dëst Joer, bei 29,2% vum PIB leie géif. D'Regierung huet dofir an hire Programm geschriwwen, dass si alles maache géif, fir d'Dette iwwer déi ganz Legislaturperiod ënner 30% ze halen. Dat gouf ëmgesat.

Haut gesi mer, dass déi Mesuren, déi geholl goufen, richteg waren. D'Staatsschold läit um Dag vun haut nach just bei 20,4% vum PIB. D'Regierung huet hiert Ziel op deem Punkt also largement erreecht.

Ech well awer net behaapten, dass dat alleng de Mérite vun der Regierung ass. Déi Mesuren, déi mer geholl hunn, déi Reformen déi gemaach goufen, **den Zukunftspak**, dat alles huet dozou bäigedroen. Mä och d'Konjunktur huet gehollef, well si a ganz Europa rëm ugezunn huet.

Dobäi ass et keen Naturgesetz, dass de Wuesstem zu Lëtzebuerg tendenziell ëmmer iwwer deem vun dem Rescht vun der Eurozon läit. Och dat ass d'Resultat vun enger richteger Politik.

Laut dem Statec louch de reelle Wuesstem zu Lëtzebuerg (inflatiounsberengegt) 2015 bei 3,5%. Fir 2016 rechne mer mat 3,1%, fir 2017 mat 4,6%.

**Et gëllt, weider virsiichteg ze bleiwen**.

**D'Wirtschaftslag weltwäit ass ëmmer nach fragile :**

Ech hat d'läscht Woch zu New York a Washington eng ganz Rei Gespréicher, déi dat confirméieren.

Den FMI huet d'ailleurs seng Prognosen fir d'Weltwirtschaft an de Joren 2016 an 2017 no ënne revidéiert, a geet dovunner aus, dass de Wuesstem dëst Joer bei 3,1% leie wäert, an d'nächst Joer bei 3,4%.

Wat sinn d'Grënn ?

- De **Commerce mondial** leeft méi lues. Grat fir ee Land wéi Lëtzebuerg, deem seng Economie staark vum Export ofhänkt, an deem säi wirtschaftleche Succès haut wéi gëschter vun oppene Mäert ofhänkt, ass dat keng gutt Noriicht.

- **China** ass net méi sou ee staarke Motor vun der weltwäiter Croissance wéi nach virun e puer Joer. Déi chinesesch Wirtschaft ass am Ëmbroch. Wëll sech d'Bannennofro gutt entwéckelt, bleift China awer ee Wuestumsmart. Dofir fueren ech an 2 Wochen och erëm dohinner fir eng Finanzmissioun, déi vum Grand-Duc héritier presidéiert gëtt, mat Statiounen zu Beijing, Shanghai an Shenzhen.
- D'Amerikanesch Zentralbank huet ugefaang un der **Zënsschrauf** ze dréien, wat net ouni Repercussiounen op d'Finanzmäert bleiwe wäert. Dat mierkt een elo schonn. **D'Boursen ronderëm d'Welt** si rëm méi volatil, wat sech, wéi mer wëssen, indirekt och op Wirtschaft zu Lëtzebuerg iwwerdréit.
- Héich **Käschten vun der Reglementatioun a Compliance**, sou wéi **negativ Zënsen** maachen eise Banken ze schafen. Den Drock op d'Margen hellt zou. D'Profiter, an d'Steieren, déi d'Banken doropper bezuelen, ginn tendenziell erof.
- **D'Digitaliséierung** ass eng zousätzlech Erausfuerderung, déi zwar dozou bäidréit, d'Prozeduren méi efficace ze maachen, awer och Drock um Niveau vun den Aarbechtsplaze mécht, grad a Länner mat héije Léin, wéi Lëtzebuerg nun emol eent ass. Do wäert et an de kommende Méint a Joren weider zu Ajustementer kommen, och wann d'Tendenz vum Emploi am Finanzsecteur a sengem Ensembel weider positiv bleift.

- A finalement ass **d’Sécherheetslag a villen Ecke vun der Welt** leider ëmmer nach méi wéi bedenklech. Wirtschaftlech Sanctioune géingt Russland an iwwert eng Millioun Flüchtlingen an Europa, vun deenen der och de Wee op Lëtzebuerg fannen, weisen, dass dat ganz reell Problemer sinn, déi eis direkt betreffen.

**Et ginn also Risiken, mä et ginn och Grënn fir optimistesch ze sinn :**

- **D’Präisser vun de Rohstoffer** sinn nach ëmmer historesch niddereg. Jidder eenzelne vun eis mierkt dat, wann en tanke geet. Eisen Entreprisen hëlleft dat, méi bëlleg ze produzéieren, an sou méi kompetitiv ze sinn.
- **D’Inflatioun bleift weider niddereg**, a louch déi éischt 9 Méint dëst Joer bei nëmmen 0,1%. D’Inflation sous-jacente läit bei 1%, wat awer nach ënnert dem Wäert vun 2015 (1,5%) läit.

  **Déi nächst Index-Tranche réckelt méi no**. Wat de Bierger am Portmonni freet, heescht fir d’Entreprisen, an och fir de Staat, zousätzlech Käschten. Trotzdem ass dat keng ganz schlecht Noriicht, well d’Gehälterentwécklung an de leschte Joren moderat war, an ee gudden Deel vun deene Suen jo och rëm an d’Wirtschaft zréckfléisst.

Et ginn also souwuel positiv wéi negativ Tendenzen. Et gëtt och **Erausfuerderungen, déi zwar grouss Risike mat sech bréngen, mä, wa mer se richteg upaken, sech zu enger grousser Chance entwéckele kënnen** : BEPS a Brexit.

- Mat dem **BEPS** – base erosion and profit shifting – Aktiounsplang vun der OCDE an dem G20 ass dat weltwäit steierlecht Ëmfeld amgaang grondleeënd ze änneren. Dat alles geschitt mat enger Vitesse, déi virun e puer Joer nach net denkbar gewiescht wär.

  Et zeechent sech elo schonn of, dass ee Land, fir kompetitiv ze sinn, ee Steiersatz fir Entreprise brauch, deen allgemeng als akzeptabel ugesi gëtt. Länner, déi zevill een héiche Steiersatz hunn, wäerten et nach méi schwéier kréie wéi haut, fir Entreprisen unzezéien. Länner, déi zevill een nidderege Steiersatz hunn, wäerten nach méi staark ënner Drock kommen, wéi dat haut schonn de Fall ass. Mir mussen dofir och zu Lëtzebuerg dovunner ewech kommen, d'Attraktivitéit vum Standuert alleng dorunner moossen ze wëllen, op mir an alle Beräicher déi niddregste Steieren hunn oder net. Lëtzebuerg huet ganz vill aner Atouten, an déi zielen och. Mir sinn en oppent, zouverlässegt an

dynamescht Land, mir hu staarke Wuesstem, eng grouss sozial Cohésioun a mir hunn zolitt Staatsfinanze mat engem AAA.

Wat an Zukunft ëmmer méi wichteg gëtt, ass de Kritär vun der Substanz. D'Zäit vun de Bréifkëschte-Firmen, déi just aus steierleche Grënn existéiert hunn, kënnt lues awer sécher op en Enn. Déi gutt Noriicht ass: dat ass eng Entwécklung, déi Lëtzebuerg net schuet, wéi Verschiddener dat gefaart haten, mä au contraire profitéiert.

Ech hunn d'läscht Woch zu New York eng ganz Rei Responsabler vun internationalen Entreprise getraff, déi zu Lëtzebuerg present sinn, oder sech iwwerleeën, sech hei néierzeloossen. D'Fro déi si gestallt hunn, war ni : "Wat kënne mer maachen, fir zu Lëtzebuerg manner Steieren ze bezuelen ?" – mä: "Wéivill Aarbechtsplaze musse mer schafen, wéivill Substanz musse mer op Lëtzebuerg bréngen, fir am Respekt mat den internationale Regelen zu Lëtzebuerg besteiert ze ginn ?"

De Premier-Minister an den Economies-Minister kënnen iech bestätegen, dass deen Trend sech net alleng op de Finanzsecteur limitéiert, mä dass ganz vill Entreprisen queesch duerch all

Aktivitéitsfelder, interesséiert sinn, vu Lëtzebuerg aus den europäesche Marché ze entwéckelen.

Wat fir des Entreprisen wichteg ass, ass Stabilitéit a Previsibilitéit. Entreprise musse wëssen, wou se dru sinn, fir entspriechend plangen ze kënnen. Lëtzebuerg fänkt dofir elo schonn un, BEPS gezielt ëmzesetzen. An deem Sënn wäerte mir kloer Kritären a Regelen an eiser Legislatioun definéieren, wat d'Applikatioun vum Principe de pleine concurrence ugeet, en ligne och mat den neien BEPS Prinzipien.

- **Den 2te Sujet ass de Brexit**. Wat genee den Afloss vum Brexit op d'Entwécklung vum PIB a Groussbritannien, Europa oder zu Lëtzebuerg wäert sinn ass zur Zäit nach schwéier virauszegesinn. D'Spezialisten schéngen sech zimlech eens, dass de Wuesstem a Groussbritannien ënnert dem Brexit leide wäert, an et ass net auszeschléissen dass d'Wirtschaft an der ganzer EU och negativ impaktéiert kéint ginn.

  Par conter sinn sech déi meescht Analysten och eens, dass de Brexit fir eis Finanzplaz a fir Lëtzebuerg am Allgemengen eng grouss Opportunitéit duerstelle kéint.

Heibanne setzen eng Rei Deputéiert, déi der Meenung sinn (oder op d'mannst emol waren) Lëtzebuerg hätt besser, méi aggressiv opzetrieden, a mat méi Tammtamm Entreprisen op London démarchéieren ze goen, well deen Zuch soss ouni eis fuere géif.

Ech well iech soen, dass ech scho Méint virum Brexit, Chef d'Entreprises zu New York, London, Paräis, Tokyo, Toronto an op villen anere Plazen hannert de Kulissen gesot hunn, si sollten sech mol iwwerleeën, wat dann hire Plang B wär, wann ee Brexit komme géif. Déi hu mech deemools nach grouss gekuckt, well se sech déi Méiglechkeet net virstelle konnten oder wollten.

De President vun enger grousser Bank huet mech kuerz nom Brexit ugeruff fir mer ze soen: dir waart deen éischten, dee mech drop higewisen huet, dofir sidd der lo och deen éischten mat deem ech wëll iwwert ee Plang B schwätzen. Dat ass de richtege Wee, wéi een sou eppes virbereet, net mat vill Tammtamm an de Medien.

Eppes iwwer 100 Deeg no der Décisioun vun eisen englesche Frënn, d'Europäesch Unioun ze verloossen stellen ech fest:

- Et ass nach net eng Bank, déi zu London hir Dieren zou gemaach huet, fir op de Kontinent ze plënneren. Dat ass normal, dat war och net anescht ze erwaarden. D'Entreprisen wëssen, dass soulaang d'Prozedur vum Artikel 50 net ugelaf ass, iwwerhaapt näischt ännert, an och duerno mol 2 Joer Zäit bleift fir Verhandlungen.
- Well et sech awer ofzeechent, dass Groussbritannien nom Brexit net méi de vollen Accès op den Europäesche Bannemaart wäert hunn, schaffen all déi grouss Entreprisen un engem Plang B.
- An de Gespréicher, déi ech féieren, stellen ech fest, dass déi Finanzplazen, déi am haartsten op sech op opmierksam gemaach hunn - déi, déi de spréchwiertleche rouden Teppech ausgerullt hunn - , net onbedengt déi sinn, deenen hire Message am kredibelsten eriwwer komm ass.
- D'Approche vun der Lëtzebuerger Regierung, där et net drëm geet Entreprisen vun London ewechzezéien, mä deenen Entreprisen ze hëllefen, och an Zukunft nach, via Lëtzebuerg, Zougang op den Europäesche Bannemart ze hunn, gëtt largement appréciéiert.

- An déi Strategie dréit Friichten :

  Ee vun de gréissten Fongenubidder op der Welt, deen zu London doheem ass, huet dëse Méindeg ugekënnegt, elo och zu Lëtzebuerg aktiv ze ginn, an hei eng nei Plattform opzemaachen fir seng europäesch Clienten ze zerwéieren.

  Och wann et nach ze fréi ass fir weider Annoncen ze maachen : ech kann iech versécheren, dass nach vill anerer wäerten nokommen.

- Et ass dofir och keen Zoufall, dass d'Finanzplaz Lëtzebuerg an der leschter Editioun vum Global Financial Centers Index alt erëm ee Stéck no vir geréckelt ass, an hire Virsprong op déi aner Finanzzentren an der Euro-Zone weider ausbaue konnt.

- D'Part de Marché vun der Finanzplaz Lëtzebuerg geet an Europa konstant erop (*Statec, Regards 22*), an och international kënne mer eis Positioun weiderhin ausbauen. Grat an Zukunftsberäicher wéi dem Fintech – deen wéi der wësst eng vun de Prioritéiten vun dëser Regierung ass - ass Lëtzebuerg weltwäit mat vir bei.

- Ech wäert Geleeënheet hunn, am Kader vum Débat iwwer d'Kompetitivitéit vun eisem Land méi genee op dëse Sujet anzegoen.

**Wat d'Plangung vun eisem Budget betrëfft, wéi kann een a sou engem Ëmfeld, tëscht de Risiken op där enger Säit, a Grënn fir Optimismus op där aner Säit, de richtegen Equiliber fannen?**

Ech hunn do ee ganz objektive Kritär : mir huelen ëmmer, systematesch, déi dee Moment aktuellsten Zuele vum Statec.

Am Réckbléck huet dat sech nach all Joer als gudden, a virsiichtege Choix erausgestallt :

Fir de Budget 2014 war de Statec vun engem reeelle Wuesstum vun 3,2% ausgaang, et waren herno 4,7%.

Fir de Budget 2015 ware mer vun engem reeelle Wuesstem vun 2,7% ausgaang, et waren herno 3,5%.

Virun ronn 3 Wochen konnt ech der Chamber d'Zuele virleeën vun der Exekutioun vum Budget 2015.

Ënnert dem Stréch konnt ee feststellen, dass, entgéingt deem wat virgesi war, bei der Administration Publique also dem Gesamtstaat, keen Defizit erauskomm ass, mä en Iwwerschoss.

Beim Zentralstaat huet een d'Verbesserung besonnesch däitlech gesinn. Während mer mat engem Defizit vun -841 Millioune gerechent haten, si mer bei nëmmen -176 Milliounen, also schonn zimlech no beim Equiliber erauskomm.

Des positiv Entwécklung erkläert sech duerch een Écart vun +1,3% bei de Recetten, an -2,9% bei den Dépensen. Dat si keng grouss Ofwäichungen, ënner 3%, an awer mécht dat um Schluss vill aus.

En fait ass d'Verbesserung vum Solde zu 30% op zousätzlech Recetten zréckzeféieren, an zu 70% op eng Baisse vun den Dépensen !

**Och dëst Joer si mer bis ewell gutt ënnerwee.** Déi éischt Halschent vum Joer 2016 huet de Staat genee 51,3% vun de Recetten erageholl, déi am Budget virgesi waren, an 51,5% vun de Dépense gemaach. Dat ass also quasi eng Punktlandung, woubäi d'Entwécklung vun de Recetten alt erëm liicht iwwert där vun den Dépense läit. Am Moment gesäit et sou aus, wéi wann et fir de Rescht vum Joer och weider géif an déi Richtung goen.

Global gesinn ass d’Entwécklung domatter méi positiv, wéi dat, wat nach an der leschter Aktualisatioun vum PSC am Abrëll 2016 virgesi war.

Dat sinn gutt Resultater, besonnesch wann een weess, dass mer progressiv **op d’Recetten vum Commerce électronique** verzichte mussen. Am Moment si mer do an enger Iwwergangsphase. 2015 an 2016 kënne mer vun dëse Recetten nach just 30% halen, an de Rescht un déi aner Länner ofginn. 2017 an 2018 däerfe mer dann nach 15% halen, an duerno näischt méi. Et ass just, well den e-commerce sech an de leschte Joren sou gutt entwéckelt huet, dass een deen Effekt 2015 nach net sou gutt an den Zuele gesinn huet. 2016 spiere mer dat awer scho vill besser, mat nach just 363 Millioune. 2017 kréie mer nach däitlech manner Recetten (86 Milliounen), an 2019 dann nëmmen nach 16,8 Milliounen. Am Joer 2020 guer näischt méi. Par rapport zu de beschte Joren, wou mer nach 100% hunn halen dierfen, mécht dat ee Verloscht vun iwwert enger Milliard d’Joer.

**Här President, dir Dammen an Hären,**

*Ech kommen dann elo zum 2ten Deel vun menger Presentatioun, d'Schwéierpunkter vum Budget 2017 a vum Budget Pluriannuel.*

Ee vun de Sujeten, deen an der läscht - grat och an der Ëffentlechkeet - vill diskutéiert gouf, ass deen vum Wuesstem.

Ech stelle fest: mir hunn héije Wuesstem. An et ass dëse Wuesstem, deen eis zu Lëtzebuerg deen héije Liewensstandard finanzéiert huet, vun deem mer all profitéieren, a vun deem och déi zukënfteg Generatioune solle profitéieren.

Während Jorzéngten war dëse Wuesstem allerdéngs wéineg encadréiert an d'Infrastrukturen goufen ëmmer nëmme mat Verspéidung ugepasst, wann iwwerhaapt.

An deene leschten zwanzeg Joer ass d'Zuel vun den Awunner hei am Land ëm 40% gewuess, dat heescht iwwer 165.000 Leit a Kanner sinn derbäi komm. Parallel dozou sinn 190.000 nei Aarbechtsplaze geschaf ginn, wat heescht, dass sech hier Zuel bal verduebelt huet.

Dat ass eng Entwécklung, déi an där Form net onendlech ka weidergoen. D'Regierung leet den Accent dofir konsequent op Qualitative Wuesstem.

Dat gëllt fir d'Infrastrukturen, fir de Wunnengsbau, dat gëllt och fir d'Arbechtsplazen.

1) *Bei den Infrastrukturen*

Ech wunnen zu Esch, mä schaffen, wéi sou vill Leit, an der Stad. Ech weess also, wat et heescht, am Verkéier ze hänken. Déi Problemer, déi mer all kennen, fir moies op d'Aarbecht ze kommen, an owes rëm zréck, sinn awer net eng direkt Konsequenz vum héije Wuesstem. Si sinn eng Konsequenz dovunner, dass dee Wuesstem iwwer Joren net richteg encadréiert gouf, an d'Infrastrukturen net mat Zäit ugepasst goufen. Des Regierung ass dobäi, dat nozehuelen.

Et geet awer net duer, just nozehuelen, wat laang Joren leie bliwwen ass, et muss een och viraus plangen, an d'Feeler aus der Vergaangenheet net widderhuelen.

De Minister Bausch wäert den 7. an den 10. November déi entspriechend landesplaneresch Visioun virstellen, an d'Strategie vun der Regierung explizéieren (zu där och d'Conclusiounen vum Rifkin-

Rapport gehéieren), wéi d'Land weider wuesse kann, ouni d'Verkéierssituatioun weider ze verschlëmmeren, mä au contraire souguer ze verbesseren.

Mam Budget 2017 ginn an deem Sënn kloer landesplaneresch Accenter gesat.


Eist Land kann sech net weider erlaben diffus a quantitativ ze wuessen, mä muss raimlech Schwéierpunkte setzen. Dofir läit an den nächsten Joren den Accent op Investissementer déi d'Mobilitéit tëscht eisen 3 groussen Zentren : dem Groussraum Esch, der Stad an der Nordstad, verbesseren. 674 Millioune ginn an den nächste Joren op deem Axe investéiert.

Fir d'Erausfuederungen vun der Mobilitéit unzepaken, muss een multimodal denken. Am Budget 2017 gëtt méi wéi jee den Accent op de Velo, Tram, Bus, Zuch an Emsteigplatforme gesat.

Sou sinn zum Beispill fir déi nei Gare am Pafendall an de Funiculaire op de Kierchbierg 36 Millioune virgesinn. D'Aarbechte leien gutt an der Zäit an am Budget, a sollen nach virun 2018 fäerdeg ginn. Dat selwecht gëllt fir den Tram, deen dëst Joer mat 43,9 Milliounen zu Buch schléit, a fir déi multimodal Plattform zu Beetebuerg, fir déi 42,8 Millioune am Budget stinn.

Lëtzebuerg investéiert awer och baussent dem Transport weider massiv an nohalteg Infrastrukturen a mécht grouss Efforten fir d'Liewensqualitéit hei am Land weider ze verbesseren. Dorënner falen Investissementer um Niveau vum Ëmweltschutz, vum Waasserschutz, an vum Klimaschutz. Alleng fir de Klima- an Energie-Fong sinn 2017 10,5 Millioune méi virgesinn wéi nach dëst Joer.

Des nohalteg Investissementer, déi zur Liewensqualitéit vu jidderengem bäidroen, sinn ënnert dëser Regierung progressiv eropgaang, a leien 2017 op engem **Rekordniveau**, méi wéi duebel sou héich wéi 2013.




Évolution des investissements environnementaux et climatiques (chiffres absolus)

Alles an allem maachen se 2017 iwwer 616,9 Milliounen, oder **ronn ee Véirels vun allen Investissementer vum Staat aus**.

Och dat ass eng nohalteg Finanzpolitik, an och dat geet a Richtung Qualitative Wuesstem.

2) *Beim Wunnengsbau*

De Wunnengsbau ass a bleift eng vun de Prioritéiten vun dëser Regierung. Grad d’Frichen bidden een enormt Potential fir de Wunnengsbau iwwert déi nächst Joren an d’Méiglechkeet zäitgeméiss urbanistesch Konzepter ëmzesetzen, déi Densitéit a Liewensqualitéit gescheckt matenee verbannen.

De Budget vum Ministère du Logement geet 2017 4% erop, op dann 210,2 Milliounen. Des Augmentatioun ass zum gréissten Deel op de Finanzement vun neie Logementer zréckzeféieren ass.

Am Sënn vum nohaltege Wuesstem start 2017 d’Klimabank, där hiert Ziel et ass, d’Klimasanéierung vun existente Wunnengen ze finanzéieren. De Guichet unique, deen am deem Kontext geschaf gëtt, ass ee gutt Beispill dofir, wéi verschidde Ministèren, wéi d’Finanzen, d’Emwelt, der Economie an de Logement, efficace am Sënn vum Service um Bierger zesummeschaffen.

Ausserdem wäert et vun 2017 un och eng nei Prime ginn fir déi Leit, déi wëllen een “Certificat de la durabilité d’un Logement” opstelle loossen.

*3) Bei den Aarbechtsplazen*

De Chômage läit aktuell mat 6,4% een hallwe Prozent méi niddereg wéi em déi selwecht Zäit 2015. D’Tendenz weist kloer a konstant no ënnen.

Mir hunn d'ADEM renforcéiert an nei organiséiert, an dat huet vill bruecht.

Grat déi Schwächst, d'Leit déi Problemer mat der Gesondheet hunn, d'Leit iwwer 50 Joer an déi Leit, déi schonn iwwert ee Joer am Chômage sinn, profitéieren dovunner, mat enger Baisse vun respektiv -6,3, -3,5 a -4,1%. D'Zuel vun de Leit an enger Beschäftegungsmesure ass iwwer 6% erofgaang. (*Communiqué de Presse ADEM September 2016*).

2017 geet de Chômage dann nach weider erof, an zwar op 6,2%.

Wat huet dat mam Budget ze dinn ?

Wat méi Leit eng Aarbecht hunn, wat méi Leit Steieren a Bäitreeg bezuelen, an domatter hëllefen eise Sozial- a Pensiounsystem ze finanzéieren. A wat manner Leit am Chômage sinn, wat de Staat manner Indemnitéiten ze bezuelen huet. Dofir kënne mer 2017 d'Dotatioun vum Fonds pour l'emploi em 75 Mio erofsetzen.

Et gi weider all Joer nei Aarbechtsplaze geschaf. Dat muss sinn, och a grat fir déi Leit, déi manner qualifizéiert sinn.

Déi Branchen, déi d'Regierung an den nächste Joren besonnesch fördere wäert sinn déi, wou nei Aarbechtsplazen entstinn, déi eng besonnesch héich Plusvalue schafen, Aktivitéiten also, déi et erlaben, mat manner Aarbechtsplazen méi Wuesstem ze schafen.

Fir déi Transitioun ze begleeden, wäert de Staat d'nächst Joer 15 Millioune méi an d'Weiderbildung investéieren, an sou hëllefen d'Leit fit ze maachen fir nei Aarbechtsplazen am Sënn vum Qualitative Wuesstem.

A Kader vum Programm "Luxembourg 2020" huet d'Regierung sech engagéiert d'ëffentlech Investissementer an d'Fuerschung zu Lëtzebuerg bis 2020 op een Niveau tëscht 0,7% an 0,9% vum PIB eropzefueren.

Tëscht 2014 an 2017 wäert des Regierung 1,15 Milliarden an d'Recherche an an den Enseignement Supérieur gestach hunn. Am Budget 2017 geet d'Contributioun fir d'Uni nach emol +11,7 Milliounen erop. Ee besonnesche Wäert gëtt ausserdem op d'Synergien an d'Zesummenarbecht tëscht deene verschiddenen Acteure wéi de Centres de Recherche, der Uni, dem List, dem Liser, an dem FNR zum Beispill, awer och mat de Betriber aus dem Privatsecteur.

**De Staat investéiert awer och op anere Plazen. Ech kann do net alles opzielen, mä just eng Rei Punkten eraussträichen :**

Wann ee gären ee performanten ëffentlechen Déngscht hätt, an engem Land wat 4% wiisst, da muss een dofir suergen, dass ee genuch

qualifizéiert Leit huet, fir dee Wuesstem och op Staatssäit ze begleeden.

Am Ganzen wäert de Staat 2017 **iwwer 1000 nei Poste** schafen.

2017 wäerten 544 Leit am Enseignement nei agestallt ginn, dovunner 230 am Enseignement secondaire an 209 am Enseignement fondamental. D'Education différée kritt 24 nei Posten. Donieft iwwerhëlt de Staat déi 147 Enseignanten, déi an Zukunft fir de Cours "Vie et société" wäerten zoustänneg sinn.

Well den Enseignement eis Kanner, an domatter d'Land, op d'Zukunft virbereet, däerf een hei net op de falsche Plaze spueren. Innovativ nei Pisten, wéi d'Digitalisatioun an d'Plattform "MathemaTIC" weisen de Wee an eng Schoul vum 21te Jorhonnert.

Am Kontext vun der Policereform ginn 2017 och 100 Polizisten nei agestallt. Zousätzlech Moyenen sinn bereet gestallt fir hirt Équipement. De Budget vum Ministère vun der Sécurité Intérieure geet 2017 +8,98% erop.

Een anere Punkt op deen ech speziell wéilt agoen ass **d'Flüchtlingsproblematik.** Mir hunn 2017 40 Milliounen virgesinn fir déi Erausfuerderung ze stemmen, an déi Leit sou gutt wéi méiglech an eis Gesellschaft ze integréieren.

Et däerf een déi Problematik awer net lass geléist kucken vun hirem Kontext. Et geet net duer, dass mer Léisunge fannen, wann d'Leit bis zu

Lëtzebuerg ukomm sinn, et muss een och kucken, firwat déi Leit keen anere Choix gesinn, wéi vun doheem fortlafen. An do ginn et nëmmen 2 Grënn : Krich an Aarmut.

- Lëtzebuerg bleift dofir net nëmmen no bannen, mä och no baussen ee solidarescht Land. D'Entwécklungshëllef bleift weider bei exemplareschen 1% vum RNB (Revenu national brut), wat mat sech bréngt, dass se 2017 an absoluten Zuelen em 22,5 Mio eropgeet.
- Mir halen och fest um Objektiv eise Verteidegungsbudget progressiv op 0,6% vum PIB eropzefueren. Wann ee weess, dass aner Länner 2% dofir virgesinn, dann ass dat, wat Lëtzebuerg mécht, bei wäitem net iwwerdriwwen. D'Dotatioun vum Fonds militaire geet dofir 2017 20 Milliounen erop.

**D'Land op d'Zukunft virbereeden, dat heescht net nëmmen haut déi néideg Investissementer maachen, mä och Suen op d'Säit leeën, fir dass och déi nächst Generatiounen nach finanzielle Spillraum hunn.**

Eise **Fonds souverain intergénérationnel** ass zur Zäit mat 132,8 Milliounen dotéiert, wat also schonn iwwert deem Montant läit vun den Dotatiounen, déi ee jäerlech aus dem Budget kritt. Mir gesinn, dass

de System esou fonctionnéiert, wéi mer eis dat bei senger Schafung virgestallt hunn, a lues a lues eng Epargne an eng nei Ressource fir déi kommend Generatiounen eruwiist. De Fonds souverain wäert 2017 an déi Joren drop all Kéiers mat 50 Milliounen dotéiert ginn, onofhängeg vun de Recettes extraordinaires déi eventuell nach dobäi kommen.


Vun haut un ass um Internet-Site vum Ministère des Finances iwweregens och eng nei Rubrik online, an där jiddereen kann am Detail noliesen, wéi de Fonds souverain fonctionnéiert a wat seng Strategie bei den Investissementer ass.

**Här President, dir Dammen an Hären,**

*Ech kommen elo zu mengen 3ten a wichtegste Punkt : der Analyse vun den Zuelen an hirem Ensembel.*

Fir net Äppel mat Biren ze vermëschen wäert ech iech déi Zuelen no der europäescher Norm SEC2010 presentéieren, sou wéi mer se och op Bréissel gemellt hunn.

An der **Administration Publique**, dem Gesamtstaat, wäerte mer 2017 een Iwwerschoss vun 153 Milliounen hunn, oder 0,3% vum PIB. De Budget pluriannuel weist, dass deen Iwwerschoss iwwert déi nächst Joren kontinuéierlech wäert an d'Luucht goen, fir 2020 bei 475 Milliounen oder 0,7% vum PIB ze leien.




Dat ass an dësem schwieregen Emfeld - grat och wéinst dem Verloscht vun der TVA um Commerce électronique - ee ganz gutt Resultat, an doriwwer sollte mer eis all zesumme freeën.

Dat heescht awer net, dass ech als Finanzminister elo kann Entwarnung ginn, an nach just mat 2 Hänn ausdeelen. Ech erklären iech och firwat.

Wéi der wësst setzt sech d'Administration Publique aus 3 Ennerberäicher zesummen : d'Sécurité Sociale, d'Gemengefinanzen an d'Administration Centrale, also den Zentralstaat. An do hu mer nach en Defizit.

Kucke mer eis fir d'éischt **d'Sécurité Sociale** un :


Hei stinn 9,7 Mia Dépensen 10,6 Mia Recetten géintiwwer, wat engem Iwwerschoss vun 883 Milliounen entsprécht. Ronn d'Halschent vun de Recetten, 5,9 Milliarden sinn Cotisations sociales, déi d'Entreprisen an d'Salarieeë bezuelen, an 4,2 Milliarden sinn Contributiounen vum Staat.

2te Volet : d'**Gemengefinanzen**.

Hei rechne mer 2017 mat engem zolitten Iwwerschoss vun 253 Milliounen. Am Kader vun der Reform vun de Gemengefinanzen gëtt een neien Fonds de dotation globale des communes geschaf, deen den Fonds Communal de dotation financière ersetzt. D'Netto-Transferten fir 2017, no der Reforme vun den Gemengefinanzen, ginn em 77 Milliounen oder 8,3% an Luucht, vun 930 Milliounen op 1007 Milliounen.

Komme mer dann elo zum 3ten a wichtegste Volet, deem vun der **Administration Centrale, dem Zentralstaat**.

**A. D'<u>Dépense vum Zentral-Staat</u>**:




Répartition des dépenses de l'administration centrale suivant leur nature écomomique (EUR / SEC 2010)

Et gesäit een, dass mer 2017 wëllen 17,9 Milliarden ausginn, dat ass ronn eng Milliard méi, wéi am Budget 2016.

Wéi deelen déi Dépensen sech op ?

1) Dee gréissten Deel vun den Dépense vum Staat sinn Transferten un d'Sécurité Sociale, Sozialleeschtungen, Subsiden, an aner Transferts de Revenus : zesummen 8,3 Milliarden, also bal d'Halschent vun allen Dépensen.

Dëse Budget ass also, genee wéi déi Budgeten vun de Joren virdrun, virun allem <u>ee Budget vun der Solidaritéit</u>. Och am Budget Pluriannuel wäerten des Dépensen an den nächste Joren weider wuessen.

De <u>soziale Charakter vun eisem Budget</u> gëtt och nach emol ënnerstrach, wann een d'Lëscht vun deene Poste kuckt, déi tëscht 2016 an 2017 am meeschten eropginn. Do fënnt een :

- +49 Mio fir d'Allocations Familiales
- +42,9 Mio fir de Congé Parental
- +26,4 Mio fir d'Chèques Services
- +22,6 Mio fir d'éducation plurilingue vun de Kanner

Dëst alles si weider Puzzlestécker vun engem Bild, wat lo ëmmer méi komplett gëtt, a weist, wéi des Regierung grad


d'Allengerzéier an Familljen mat Kanner konkret ënnerstëtzt.

2) Deen nächste grousse Posten ass dee vun de **Rémunératiounen**, 3,8 Milliarden Euro. De Staat bezilt seng Leit gutt, an dat ass gutt a richteg sou.

3) Direkt duerno kommen **d'Investissementer**, 2,3 Milliarden Euro.

Ech sinn do virdrun scho méi am Detail op déi wichtegst Punkten agaang.

Säit 2014 ginn d'Investissementer ënnert dëser Regierung konstant erop. 2017 leien se nach emol iwwert 100 Milliounen méi héich ewéi am Budget 2016. Och 2018 an 2019 sollen d'Investissementer weider ropgoen, an op engem héijen Niveau gehale ginn.




Elo ginn et Leit déi soen : "Déi ganz Investissementer si jo schéin a gutt, mä ass et intelligent déi sou héich ze halen an Zäiten, wou den Zentralstaat nach en Defizit schreift ?"

Meng Äntwert do ass ganz kloer jo, an ech erklären iech och firwat :

Et ass wichteg ze verstoen, dass vun den Investissementer deen allergréissten Deel iwwer déi lafend Recette finanzéiert ginn. Wann een d'Analyse mécht, da stellt ee fest, dass ongeféier 3/4 vun den

Investissementer mat lafende Recetten bezuelt ginn, an nëmmen 1/4 op Kredit.

D'Investissementer déi mer haut maachen, droen dozou bäi, eist Land méi kompetitiv ze maachen, si schafen Arbechtsplazen, a sécheren Wuesstum och an Zukunft.

D'Economiste vun all de groussen internationalen Organisatiounen, op lo FMI, OCDE, BCE oder Europäesch Commissioun, sinn sech eens, dass dat de richtege Wee ass.

Um informellen Ecofin Conseil zu Bratislava waren sech d'Finanzminister eens, dass d'Investissementer an Europa ze niddereg sinn.

Virun 2 Wochen huet de G20 um Sommet vun Hangzhou festgestallt, dass een sech net alleng op d'Zentralbanke verloosse kann fir d'Wirtschaft rëm unzekuerbelen an d'Länner dozou opgeruff, déi néideg Reformen ze maachen a parallel rëm méi ze investéieren, besonnesch an d'Innovatioun.

D'Christine Lagarde, d'Chefin vum FMI, huet leschte Freideg zu Washington déi selwecht Analyse gemaach, an d'Länner opgefuerdert, de Spillraum, deen se an hire Budgeten hunn ze notzen, fir d'Croissance bei sech unzekuerbelen.

Dat ass eng Analyse, déi eis Regierung voll a ganz deelt, an dofir hale mir d'Investissementer héich.

4) De 4t gréisste Posten an eisem Budget vun der Administration Centrale, mat 1,7 Milliarden, sinn **d'Transferten un d'Gemengen**.

5) Réischt duerno, op 5ter Plaz, kommen **d'Fonctionnementskäschten**, mat 1,3 Milliarden.

1,3 Milliarden, dat sinn ongeféier 7,5% vum gesamte Budget vum Zentralstaat. Dee Ratio bleift am Budget Pluriannuel och iwwert déi nächst Joren relativ stabil.

Wat heescht dat ?

Fir et einfach ze maachen : dat heescht, dass den Zukunftspak fonctionnéiert. Ech fannen dat jo sympathesch, dass d'Kolleege vun der Oppositioun mer regelméisseg Parlementaresch Froe stellen, fir ze kucken, wéi wäit déi eenzel Mesuren genee déi Resultater bréngen, déi mer 2014 mam Budget 2015 ugekënnegt haten. Mä et däerf een och net vu lauter Detailer de Bléck fir dat ganzt verléieren.

A sengem Kär ass den Zukunftspak een Ensembel vu strukturelle Mesuren, déi drop erauslafen, den Staat méi efficace ze maachen, an d'Fonctionnementskäschten am Gréff ze halen. Dat fonctionnéiert, wéi d'Zuele kloer weisen. A grat well dat fonctionnéiert, sinn och keng zousätzlech Mesuren néideg.

6) Dee leschten, an och klengste Posten sinn **d'Zënsen op der Staatsschold**. Déi leie mat 227 Milliounen an der selwechter Gréissenuerdnung wéi dëst Joer an och déi Joren drop. Dat läit zum engen dorunner, dass mer déi existent Schold zu méi nidderegen Tauxen wäerten refinanzéiere kënnen; zum aneren, dass déi Schold nëmme moderat wäert viru wuessen.


D'Erfahrung vun de leschten 2 Budgeten huet gewisen, dass d'Schold duerchaus och nach méi lues klamme kann, wéi virgesinn, besonnesch wa mer et weiderhin fäerdeg bréngen, dass d'Recetten méi héich, an d'Depensen méi niddereg ausfalen, wéi am Budget virgesinn, wat eis jo lo schonn 2 Joer hannertenee gelongen ass.

D'Recetten hu sech besser entwéckelt wéi geduecht, a gläichzäiteg huet d'Regierung d'Dépensen weider am Gréff gehal. Am Budget

2014 hat ech d'Autorisatioun gefrot fir een neien Emprunt ze maachen, a kee gemaach (ofgesinn vum Sukuk);

- Am Budget 2015 hat ech d'Autorisatioun gefrot fir een neien Emprunt ze maachen, a rëm kee gemaach;
- Am Budget 2016 hat ech d'Autorisatioun gefrot fir een neien Emprunt ze maachen, an bis haut nach ëmmer kee gemaach.

Mir sinn aus der Scholdespiral eraus.




Évolution de la dette des administrations publiques (chiffres absolus et en % du PIB)

D'Staatsverschëldung bleift bis 2020 absolut stabil zwëschen 23,5 an 23,7% vum PIB. Dat ass also nach eng Kéier besser, wéi déi Zuele vun deenen mer virun engem Joer ausgaange sinn, wou mer 2019 bei 24,5% vum PIB leie sollten.

Dës positiv Entwécklung soll net heeschen, dass Lëtzebuerg an Zukunft keen neien Emprunt maache misst, schonn alleng, well mer déi, déi vun der fréierer Regierung opgeholl goufen, an demnächst auslafen, refinanzéiere mussen.

Eis Spezialisten an der Trésorerie halen d'Situatioun genee am A, a wann d'Ëmstänn gënschteg sinn, wäerte mer net zécken, eis déi néideg Liquiditéit nach dëst Joer op d'Marcheeë sichen ze goen. Grat an engem Moment, wou d'Zënsen historesch niddereg sinn, wëlle mer eis do all Optiounen ophalen.


Et stëmmt : wann de Scholdestand Null wär, kéinte mer eis och déi 227 Milliounen Zënse spueren.

Dofir ginn et jo Leit déi fuerderen, dass mer d'Staatschold net nëmme stabiliséieren sollten, wat eis jo gelongen ass, mä en fait bannent e puer Joer och an absoluten Zuelen ofbaue sollten. Wat géif dat bedeiten ?

D'Fonctionnementskäschten sinn am Grëff. Wat bleift also ? D'Investissementer, d'Sozialleeschtungen oder d'Peien. Doranner elo

kierzen ze goen schéngt mer awer net dee richtege Wee ze sinn, besonnesch, wann et méiglech ass, sou wéi mer dat iwwer déi läscht Joren  bewisen hunn, d’Verscholdung och anescht an de Grëff ze kréien, an dann iwwer d’Zäit gestreckt, erofzefueren.

**B. Komme mer dann elo zu de Recetten** – an anere Wieder: woumatter bezuele mer dat alles ?



Répartition des recettes de l'administration centrale suivant leur nature écomomique (EUR / SEC 2010)

Fir d'nächst Joer rechne mer mat 16,9 Milliarde Recetten.

1) De gréissten Deel dovunner kënnt aus den **direkte Steieren**, déi d'Leit an d'Entreprisen bezuelen. Trotz der Steierreform ginn déi op dem éischte Bléck vun 7,4 Milliarden am Joer 2016 op 8,1 Milliarden am Joer 2017, also 2,5% erop.

Op den 2te Bléck gesäit een, dass 604 Mio, déi 84% vum ICC duerstellen, a bis elo direkt iwwert de Fonds Communal gebucht goufen, elo iwwer d'Administration Centrale lafen. Déi ginn um Niveau vun den Dépensen da rëm ausgebucht, sou dass d'Operatioun ënnert dem Stréch neutral bleift.

Wann een dee Changement erausrechent, da gesäit een, dass d'Recetten um Niveau vun den direkte Steieren nach just ganz liicht erop, a bei der Lounsteier souguer 1,8% erofginn, an zwar wéinst de Steiererliichterungen, déi vum 1. Januar 2017 un a Kraaft trieden.

2) Och déi **indirekt Steieren**, déi deen 2t-gréisste Posten ausmaachen, entwéckelen sech weider positiv, wann och méi lues, wéi mer dat laang Jore gewinnt waren. 2017 rechne mer bei den indirekte Steieren mat Recetten vun 6,4 Milliarden, géingt 6,2 Milliarden dëst Joer.

Um Niveau vun der TVA rechne mer ënnert dem Stréch mat engem liichte Minus vun 1%, an dat wéinst dem negativen Impakt vun de Changementer bei der TVA um Commerce électronique.

Och d'Accisen wäerte sech mat 1,165 Mia 5,1% méi schlecht entwéckelen, wat zum engen un enger méi niddereger Consommatioun vun Uelegproduiten läit, zum aneren dorunner, dass d'Leit manner fëmmen.

Dogéint wäerten d'Recetten aus der Taxe d'abonnement, déi virun allem d'Fongen bezuelen, em 5,3% eropgoen, an op 1047 Millioune klammen.

3) Mat den direkten an den indirekte Steieren si schonn 84% vun alle Recetten ofgedeckt. De Rescht sinn Sozialbäiträg, Recetten vun den Etablissements publics, Betriber, un deenen de Staat bedeelegt ass, an anere Propriétéite vum Staat, Loyeren, an divers Revenuen, zesummen 2,4 Milliarden. Dat ass ee Montant dee sech an de selwechte Parage beweegt wéi d'läscht Joer, an dee wäert och an de Joren duerno relativ stabil bleiwen.

Wann een d'Progressioun vun de Recetten op där enger Säit, an den Dépensen op där aner Säit kuckt, da gesäit een, dass d'Schéier, déi mer iwwert déi läscht zwee Joer schéin zesumme kritt haten, 2017 rëm e Stéck ausernee geet. Dat ass normal, well mer op där enger Säit eng

Steiererliichterung maachen, op där aner Säit awer d'Investissementer héich halen. Duerch d'Dynamik, déi sou entsteet, geet d'Tendenz awer schonn 2018 rëm dohinner, dass d'Recetten op en neits méi séier wuessen wéi d'Dépensen, wat een Zeechen ass vun enger gesonder an nohalteger Finanzpolitik.


Wat de Solde vun der d'Administration Centrale betrëfft, sou geet deen Defizit wéinst der Steiererliichterung 2017 effektiv erop, op -1,7% vum PIB oder -984 Mio, mä schonn d'Joer drop geet e rëm erof, an déi positiv Tendenz setzt sech dann och d'Joren duerno fort, fir 2020 -0,8% oder -571 Mio ze erreechen. D'Richtung stëmmt, mä mir musse weider Fouss beim Mol halen.

**Här President, Dir Dammen an Hären, léif Kollegen,**

Vill iwwerdriwwen Opreegung war et ginn (oder ass op d'mannst mol gespillt ginn), well d'Regierung am Kader vun der 17ter Aktualisatioun vum Programme de Stabilité et de Croissance vum 29ten Abrëll dëst Joer averstane war, den Objectif à Moyen Terme - den OMT - fir Lëtzebuerg op -0,5% vum PIB erofzesetzen.

Ma och op deem Punkt gesäit een elo, dass dat antrëtt, wat ech schonn deemools ugekënnegt hat : Lëtzebuerg respektéiert net nëmmen dësen

<u>Objectif, mee läit och nach largement driwwer – an ëmmer am positive Beräich !</u>




Och hei weist sech am Réckbléck, dass d'Décisioun vun der Regierung, den OMT net méi héich unzesetzen, wéi dat, wat d'Kommissioun ausgerechent hat, <u>richteg</u> war. Mir bleiwen am positive Beräich, a <u>behalen gläichzäiteg eng Marge</u>, déi hëlleft déi europäesch Kritären ëmmer ze respektéieren, souguer wann d'Wirtschaft méi lues dréie géif wéi virgesinn. Och dat ass en Ausdrock vun enger virsiichteger, a gläichzäiteg zouverlässeger Finanzpolitik.

Ech verspriechen net dat Blot vum Himmel, mä dat wat ech verspriechen, dat halen ech an. Ech sinn dofir iwwerzeegt, dass mer och de Budget 2017 erëm genee sou gutt ëmsetze wäerten wéi d'Budgeten vun de Joren virdrun, an Lëtzebuerg iwwer déi ganz Period déi europäesch Kritären, a besonnesch den OMT, net nëmmen anhalen, mä souguer nach iwwertreffe wäert.

Well dat am Gesetz sou virgesinn ass, well ech iech, pour la bonne forme, awer och nach soen, wéi d'Zuelen vum Budget no de **Regelen vun der Lëtzebuerger Comptabilitéit** ausgesinn :

Do hu mer dann 13243,9 Mio EUR Recetten (dat ass ee plus vun 1,4%), géingt 14019,6 Mio EUR Dépensen (dat ass ee plus vun 3,8%), also een Defizit vun 775,7 Mio EUR. Dësen erkläert sech doduerch dass duerch d'Steiererliichterungen d'Recetten zwëschenzäitlech manner séier wuessen wéi d'Dépensen, während mer d'Investissementerhéich halen. An dësem Zesummenhang musse mir weider un enger disziplinéierter Budgetspolitik festhalen.

**Här President, Dir Dammen an Hären,**

*Éi ech zum Schluss kommen, nach e puer Wuert iwwer d'Steierreform.*

Wéi ech déi Reform um Ufanks vum Joer virgestallt hunn, sot ech : "dat hei ass eng Reform, déi mir ons leeschte kënnen". Déi Zuelen, déi ech iech lo presentéiert hunn, <u>beweisen dat</u>.

Wann der iech net op mäi Wuert alleng verloosse wëllt, **d'Rating Agence** soen dat selwecht. Virun engem knappe Mount huet Standard & Poor's op en Neits <u>den « AAA » confirméiert</u>, mat stabiller Perspective. Dat ass déi héchsten Note, déi ee Land kréie kann.

An hirer Analyse huet d'Agence explizit drop higewisen, dass si d'Steierreform mat agerechent huet.

Am selwechte Sënn huet sech och den FMI geäussert, dee festgestallt huet : "the proposed tax cuts are broadly affordable" – op Lëtzebuergesch: "d'Land kann sech déi Steier-Reduktiounen leeschten"

D’Steierreform stellt also weder den „AAA“ a Fro, nach eist Ziel, d’Staatsfinanzen ze sanéieren.

Ech muss iech soen, ech kann domatter liewen, wa mer dee selwechte Solde, dee mer ouni Steierreform schonn 2017 hätten erreeche kënnen elo réischt fir 2020 upeilen, wann ech op där aner Säit dann awer elo schonn d’Kafkraaft vun de Leit an d’Kompetitivitéit vun den Entreprise stäerke kann.

De Statec huet ausgerechent, dass d’Steierreform d’Stéit schonn d’nächst Joer em 425 Milliounen entlaaschte wäert, an zwar d’Résidenten gläichermoossen wéi d’Frontalieren. Bis 2020 géif dee Montant dann bis op 570 Milliounen eropgoen.

Ech hunn iech virdrun gewisen, dass den ëffentlechen Investissement zu Lëtzebuerg historesch héich ass. De privaten Investissement ass dogéint nach ze niddereg. Mat der Steierreform encouragéiere mer d’Stéit an d’Entreprisen, rëm méi ze investéieren. Dat ass genee déi Politik, déi d’Europäesch Kommissioun an déi international Organisatiounen recommandéieren.

Laut dem Statec wäert de PIB duerch d’Steierreform em 0,2% wuessen, an d’Investissementer 2017 em 0,1%, 2018 an 2019 em 0,2% an 2020 em 0,3%. *(Statec, Regards 17)*

Virum Hannergrond vun de Risiken déi et iwwert déi nächst puer Joer fir de Wuesstem an der Eurozone, an doriwwer eraus fir déi ganz Weltwirtschaft gëtt, kënnt déi Steierrefom also genee de richtege Moment, fir dëser Tendenz, op d'mannst wat Lëtzebuerg betrëfft, entgéintzewierken.

**Nieft de Stéit ginn och d'Entreprisen entlaascht**. Den Taux vum IRC geet vun haut 21% op 19% am Joer 2017 an 18% am Joer 2018 erof. Den Taux vum IRC fir déi kleng Entreprisen, a grat och d'Startupen, déi manner wéi 25.000 EUR Bénéfice maachen, geet op 15% erof. Mat dësen Tauxen gëtt Lëtzebuerg als Standuert nach méi attraktiv. Eise Steiersystem ass haut méi transparent a méi nohalteg wéi gëscht, wat d'Entreprisen rassuréiert. De Message un d'Investisseuren ass kloer : zu Lëtzebuerg ginn d'Steieren erof, net erop. A well d'Land een AAA huet, an de Budget an der Rei ass, wäert dat och an Zukunft sou bleiwen.

Duerch d'Emsetze vu BEPS wäert progressiv d'Steierbasis fir d'Entreprise, iwwerall op der Welt, méi breet ginn. D'Regierung ass disposéiert, an ech well dat hei nach emol ënnersträichen, zesumme mam Privatsecteur no Weeër ze siche, fir déi Verbreederung ze kompenséieren, an esou d'Netto-Steierlaascht vun den Entreprisen ze stabiliséieren. Et geet heibäi net drëm, den Entreprisen

Steiererliichterungen ze ginn, mä just, den Impakt vu BEPS neutral ze halen.

De Statec ass formell: "La réforme fiscale aura des conséquences positives sur l'économie luxembourgeoise". A wat gutt ass fir d'Economie, ass gutt fir d'Recette vum Staat. Och dat ass ee positiven Effekt vun der Steierreform, deen an den aktuellen Zuelen nach net emol mat agerechent ass.

**Här President, Dir Dammen an Hären,**

Des Regierung ass ugetrueden, fir Lëtzebuerg op d'Zukunft virzebereeden. Vill gouf schonn erreecht. Vill bleift nach ze maachen. Dëse Budget setzt d'Weichen fir ee qualitativ héichwäertege Wuesstem, eng solidaresch Gesellschaft an eng kompetitiv Wirtschaft.

Gläichzäiteg stellt en eng nei Etapp duer um Wee zréck bei gesond an nohalteg Staatsfinanzen. De Budget 2017 an de Budget pluriannuel zeechnen ee komplett an éierlecht Bild vun de finanziellen Implikatiounen vun alle Changementer a Reformen, déi an nächster Zäit komme wäerten, an déi sech haut scho chiffréiere loossen. Ech hunn iech op d'Risiken higewisen, op d'Erausfuederungen, awer och op

d'Chancen, déi virun eis leien. Ech hunn iech d'Zuele genannt, an d'Resultater erkläert.

**Meng Conclusioun ass kloer** : Dem Land geet et haut finanziell besser wéi 2013. D'Scholdespiral ass gebrach. D'Verschëldung bleift stabil ronderëm 23% vum PIB, also wäit ewech vun der Regierung hirem Ziel vun 30%. De Gesamtstaat ass a bleift am Iwwerschoss. Beim Zentralstaat musse mer weider oppassen, an eng disziplinéiert Budgetspolitik maachen. Lëtzebuerg bleift dat eenzegt Land an Europa, wat nach ëmmer all europäesch Budgetsregelen respektéiert huet, an dat och an Zukunft maache wäert. Ech soen iech, vill vu mengen europäesche Finanzministerkollegen géifen direkt mat mir tauschen. Mä ech net mat hinnen.

Mir kënnen all zesummen houfreg sinn op eist Land, an op seng gesond Staatsfinanzen.

Ech soen iech Merci.